



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Santé

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Gesondheitsministesch an vum Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n° 7805 vum 21. Mäerz 2023 vun der honorabeler Deputéiert Madamm Martine Hansen.**

Konnt déi ugekënnegt juristesch Etude an Tëschenzäit finaliséiert ginn?

Wa jo, wat sinn d'Conclusiounen vun der Etude?

Wéi eng Krittäre sinn zréckbehalen ginn?

Wéi sollen d'Veaarbechtung an d'Veermaartung vum medezinesche Cannabis organiséiert ginn?

U wien däerfen d'Produzente verkafen?

Wéi an der Äntwert op d'parlamentaresch Ufro n°6381 vum 21. Juni 2022 vun der honorabeler Deputéierter Madamm Martine Hansen geschriwwen, wäerten op Basis vun der Analyse juridique Äntwerten op eng ganz Rei Froen, ewéi z.B déi vun de Konditiounen an och den Auswahlkriterien vun de Produzente fonnt ginn.

Dësen Prozess gouf nach nët integral ofgeschloss. Di juristesch Analyse juridique ass am gaangen finaliséiert ze ginn an d'Conclusiounen dovun wäerten an en zukënftegen Avant-Projet de loi afléissen.

Wéi gesäit déi zäitlech Ëmsetzung aus?

Den Avant-projet de loi soll nach virun dem Enn vun dëser Legislatur am Regierungsrot presentéiert ginn.

Lëtzebuerg, den 24. Abrëll 2023

D'Gesondheitsministesch

(s.) Paulette Lenert